adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

De 14. Juni 2018 gouf d'Reform vum Scheedungsgesetz ugeholl. Dat neit Scheedungsgesetz vum 27. Juni 2018 gëtt vun der Regierung als eent vun de modernsten an Europa bezeechent, obschonns et och vu verschiddene Säiten, notamment vun der kathoulescher Kierch, kritiséiert gouf. Mat dësem Gesetz kruten d'Kanner d'Méiglechkeet, sech un de Familljeriichter ze adresséieren, fir eng Ännerung vum Suergerecht unzefroen, woubäi dëse Kanner ee Kanneraffekot zougewise ka ginn, fir hir Interesse vis-à-vis vun den Elteren ze vertrieden. Och goufen nei Reegele fixéiert, fir d'Alimenter auszerechnen.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Verfüügt d'Regierung iwwer eng aktuell Lëscht mat den Nimm vun de Kanneraffekoten? Wa jo, wéi vill vun dësen Affekote si Fraen a wéi vill si Männer?

2) Ginn et Zuelen, déi beleeën, a wéi ville Fäll et säit dem Akraafttriede vum neie Scheedungsgesetz zu enger Zesummenaarbecht tëscht dem Kanneraffekot an dem Scheedungsaffekot vun der Mamm vum Kand komm ass? A wéi ville Fäll koum et zu enger Zesummenaarbecht tëscht dem Kanneraffekot an dem Scheedungsaffekot vum Papp vum Kand?

3) A wéi ville Fäll gouf säit dem Akraafttriede vum neie Scheedungsgesetz d'Garde fir d'Kand dem Papp zougesprach? A wéi ville Fäll gouf d'Garde der Mamm zougesprach? Wéi verhale sech dës Zuele prozentual zu den entspriechenden Zuele vu virum neie Scheedungsgesetz?

4) Kann d'Madamm Minister preziséieren, wéi vill Alimenter am Schnëtt ee Papp fier seng Kanner bezilt säit dem Akraafttriede vum neie Scheedungsgesetz, a wéi vill Alimenter

am Schnëtt eng Mamm fier hir Kanner bezilt? Kann een am Hibléck op dës Zuele behaapten, datt et keng Diskriminatioun géint d'Pappen oder d'Mamme gëtt?

5) Zu de Krittären, déi de Riichter notze kann, fir d'Alimenter auszerechnen, gehéieren ënner aneren d'Alter, d'Gesondheet an déi professionell Situatioun vum betraffenen Elterendeel. Firwat gëtt et hei keng fix Reegelen, beispillsweis am Sënn vun: een Elterendeel, deen tëscht X an Y verdéngt, bezilt Z Alimenter? Géifen esou objektiv Reegelen net all Form vun Diskriminatioun géint ee bestëmmten Elterendeel vu virera verhënneren?

Mat déiwem Respekt

Roy REDING

Deputéierten